

## D'Staatsbiergerschaft

D'Staatsbiergerschaft ka bis an déi griichesch Antike zeréckverfollegt ginn. Staatsbierger ze sinn, fir et kuerz ze soen, ass och haut nach mat engem juristesche Status verbonnen, am Allgemengen dee vun der Nationalitéit, an ass u Rechter a Flichte geknüpft.

Ma onofhängeg vun dësem juristesche Status kënnen mer méi allgemeng soen, dass e Staatsbierger eng Persoun ass, déi e kollektivt Bewosstsinn huet a kollektiv handelt, déi déi demokratesch Prinzipie verënnerlecht an d'Méiglechkeeten notzt, e Bäitrag zur Gesellschaft ze leeschten an de Gedanke vun der Demokratie domat an der Praxis ëmzesetzen. D'Iddi derhannert ass déi, dass d'Membere vun enger Gesellschaft mat Verstand an Iwwerleeung mateneen debattéieren, eppes decidéieren an zesummen hir Zukunft opbauen.

Well et an der Praxis onméiglech ass, all d'Bierger zu engem Debat zesummenzeruffen, gëtt et d'Mëttel vun de Walen: D'Bierger bestëmmen aner Bierger, déi si op verschidde Niveauen, kommunal, regional, national oder och europäesch, vertrieben. Ma Bierger sinn heescht och, Deel vun enger Zivilgesellschaft ze sinn, déi handelt a Fuerderung stellt an et a ville Länner ville Leit erlaabt huet, hir Fräiheeten an dësem Sënn direkt auszeüben: Historesch gesinn ass et de Gewerkschaften, Beruffskummeren an de Verbänn a Vereenegungen ze verdanken, dass Bevëlkerungsgruppen ewéi Aarbechter, Fraen an och Immigrante fir d'éischte Kéier an der Geschicht sech konnte Gehéier verschafen an hir Uleiessen zum Ausdrock bréngen: Si hu Gläichberechtigung gefuerdert, e System vun engem soziale Schutz verhandelt a wollten och als Akteur unerkannt ginn.

Biergerschaft ass näischt Rigides. Et gëtt esou vill aner Méiglechkeeten ewéi déi, déi mer grad skizzéiert hunn. Iwwer d'Walen, den Engagement an enger politescher Partei oder enger Gewerkschaft eraus entwéckelt sech ëmmer méi en onmëttelbaren Asaz um Terrain. Staatsbierger sinn, „Politik maachen“, dat heescht och, sech zum Beispill als Member vun engem Schoulcomité ëm d'Zukunft vu senger Kanner këmmere, oder sech an engem Veräin engagéieren, fir Leit ze hëllef, déi a Schwierigkeete sinn, sech organiséieren, fir e gemeinsame Problem ze léisen, an enger Aarbechtsgrupp matschaffen, mat Informatiounen aus de Medien iwwerluecht a virsichteg ëmgoen, bei inakzeptabelen Zoustänn d'Stëmm gi vun deenen, déi keng Stëmm hunn, sexuell Gewalt bekämpfen, op d'Strooss goen, fir ze probéieren, e korrupte Regime ze stierzen, awer och d'Ëmwelt respektéieren, andeems ee Gebrauchtes recycléiert, säin Energieverbrauch reduzéiert asw.

Iwwer déi grouss Sitzungen eraus, wéi beispillsweis déi op internationalem Plang vun Instanzen ewéi der UNO, beweisen eis dës nei Formen, dass Staatsbiergerschaft gläichermoossen an Iddien an Diskussiounen ewéi och Handlungen ëmgesat gëtt, wat et erlaabt, eis kollektiv Zukunft, eis nei Solidaritéit, eis Aart a Weis vun der Gesellschaftsbildung virzezechnen.